



net votéieren, étant donné, datt et den Intitulé ass. An deemno, wat fir en Amendement géif ugeholl ginn, da wäert den Intitulé jo anescht erscheenen. Bon, dat ass méi eng technesch Fro, mä déi awer vläicht net grad onwichtig ass.

Voilà! Soss, wéi gesot, mir wäerten eis enthalten.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Wagner. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Jo, Merci, Här President. Ech mengen, et ass ganz kloer, datt d'Piraten beim Opstelle vun deem Budget, deem elo hei fortgefouert gëtt, nach net an der Chamber waren.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Deement-sprechend wäerte mer och net kënnen iwwert d'politesch Meritten oder ebe Verfeelunge vun deem Budget jugéieren, well dat eben d'Plaz hei wär, fir dat ze maachen. Deementsprechend wäerte mer eis beim Vott vun den Douzième-provisoiré logescherweis enthalten. Ech wäert och elo keng Brandried hale géint d'Douzième-provisoiren. Ech mengen, datt et ganz kloer ass, datt jiddwereen heibannen e sougenannten „shutdown“ vun der Regierung awer verhénnere wëllt. Dat huet ganz weíneg mat de Paien oder Traitement vun den Deputéierten oder Ministeren ze dinn, éischter domadder, datt eist Land fonctionnéiere muss.

Mä et leien och nach dräi (veuillez lire : véier) Amendementer vir. An do schléissen ech mech dem Kollege David Wagner un, fir eben och ze soen: Et misst ee vläicht d'Reiefolg vum Vott vun deenen Amendementer iwwerdenken, jee nodeem, ob dann eppes ugeholl gëtt. An et wär jo awer e gutt Zeechen hei, an dofir wäerten d'Piraten dat och matdroen, zumindest d'Amendement vun der Indexéierung vun den Allocations familiales matzedroen.

Insgesamt wäerte mir awer fir déi Amendementer mat Jo stëmmen an eis beim Budget, also bei der Fortféierung vum Budget per Douzièmes provisoires enthalten.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. Här Finanzminister Pierre Gramegna, wannechgift.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Adoptioun vun engem Projet de loi, deem d'Douzièmes provisoires fir d'nächst Joer aféiert, ass en technesch Evenement. Dat huet ganz weíneg mat Politik ze dinn. Wat mer hei wëlle maachen, dat ass en Transitionsbudget fir Lëtzebuerg séchere fir déi véier éischt Méint vum nächste Joer.

Mir haten datselwecht viru fénnef Joer. D'Ausgangssituatioun ass effektiv lichter anescht. Mä ech wëll hei guer net an d'Polemiken eragoen. Dat heiten ass net déi Plaz, wou een d'Prioritéite vum Budget sollt diskutéieren. Ech komme ganz zum Schluss nach drop zrëck. Dat, wat mer hei wëllen assuréieren, dat ass, dass de Stat ka weiderfonctionnéieren. De Stat ka fonctionnéieren, andeem mer Recettë kënnen eranhuelen. Doriwwer ass net vill geschwat ginn. Mä ech kann lech soen als Finanzminister, dass dat ganz wichteg ass, dass mer Suen erakréien, fir dass de Stat ka weiderfonctionnéieren op där enger Säit, an dass en Depensé kann tätegen.

Déi, déi awer elo dat wëllen erofspillen a soen, de toute façon géif dat goen, jo, déi ignoréieren d'Constitutioun. Wéi de Berichterstatter eis ganz richtig erkläert huet, steet an der Constitutioun dran, dass de Budget annuell muss gestëmmt ginn. Wa mir also hei näischt géife stëmmen, da kann net een Euro ausgi ginn an et kënne keng Recetten erakommen. Dofir ass et eng seriö Diskussioun, eng vun der Responsabilitéit a vun der Kontinuitéit.

Nun ass et esou, dass viru fénnef Joer gesot gi war, dass mer sollte kucken, déi Prozedur vun den Douzièmes provisoires, also dee provisoiresche Budget, am Gesetz ze verankeren. Dat ass 2014 geschitt. Et ass och gemaach ginn, well Europa dat recommandéiert huet. Firwat huet Europa dat recommandéiert? Jo, well sech déi Problematik heiansdo stellt, soudass een dofir muss Léisunge fannen.

Dat Drëtt, wat wichteg ass, dat ass, dass hei d'Depensé weidergefouert ginn à politique inchangée. Justement, et gi keng nei Prioritéiten hei gesat. Et gëtt sech baséiert op déi Kreditter, déi 2018 op all Artikel scho festgeschriwwen waren. An déi gi fortgefouert.

Ech géif och gärten hei soen, dass et immens vill Aarbecht ass, fir esou e Budget provisoire opzustellen. Ech géif gärten der IGF och Merci soen. Dat ass suplementar Aarbecht, well mir de toute façon am Abrëll den definitive Budget musse maachen. Et ass also additionell Aarbecht, an ech weess, wéi gutt se dat gemaach hunn a wivill Engagement se an där Saach haten.

D'Fauschtregel ass, dass effektiv véier Zwieleftel, also een Drëttel, vun den Depensen agesat ginn. Et gëtt Ausnamen. Et kann ee vläicht bei der Sécurité sociale ënnersträichen, dass sech do op de Budget ajusté placéiert ginn ass, fir d'Kreditter auszerechnen, a bei de Salaire beim Stat, dass net véier Zwieleftel geholl gi sinn, mä véier Dräizéngtel, just nëmme fir ze soen, dass déi Aarbecht mat ganz vill Genauegkeet gemaach ginn ass.

Den Total, deem hei elo festgehalen gëtt fir déi véier Méint, ass 33,8 % oder 33,9 %. Do si mer also ganz no bei deem Drëttel dobäi.

Ech freeë mech, dass alleguerten d'Chamberen e positiven Avis ginn hunn. Si schéngen erkannt ze hunn, wéi wichteg et ass, dass mer hei kënnen an der Kontinuitéit schaffen. Si hunn also och do ganz responsabel gehandelt.

Ech géif gärten awer e ganz e bëssen op e puer Remarque vum Här Roth agoen, an deenen den Zukunftspak, deem déi viregt Regierung geholl huet, denigriert an erofspillt. Mä ouni deen, soen ech lech, géife mer hei net dostoe mat engem Budget 2018 oder mat Konten 2018, déi am Equilibre sinn.

Et ass einfach, fir déi aner ze kritiséieren, zemools wann een hinnen eng Situatioun iwwerlooss huet, wou et kloer war, dass et géif an d'Mauer goen, dass mer déi gutt Bunn géife verlossen an dass mer d'Kritäre vu Bréissel net géifen anhalen. Jo, mir hunn eis Responsabilitéite geholl! Fir dat awer och elo nach wierklech an d'Lächerlecht ze zéien, ass wierklech ganz enttäuschend!

An dat Zweet: D'Konjunktur ass gutt, jo, déi ass gutt. Mä et ass esou mat der Konjunktur: Wa se gutt ass, dann ass et de Meritt vun den Entrepreneuren. A wann d'Konjunktur schlecht ass, dann ass et d'Schuld vun der Regierung. Mä d'Wourecht ass natierlech an der Mëtt! Well, wann d'Konjunktur gutt ass, ass dat net nëmme de Meritt vun den Entrepreneuren, et ass de Meritt vum Kader, dee mer schafen an deem Land. An deen ass gutt!

Dat hu mer mam Brexit gesinn. Firwat hu mer esou vill Entreprisë kënnen unzéien? Ma well eise generelle Kader gutt ass, well mer stabil Staatsfinanzen hunn, den Triple-A, alles dat spillt mat. Mä natierlech ass och den internationalen Impakt positiv, wann d'Konjunktur an Europa an an der Welt gutt ass.

An dat Drëtt: Ech hat mer awer wierklech net erwaart, dass Der elo géift op eemol wierklech Är ganz Approche änneren. Während fénnef Joer hutt Der mir als Finanzminister an der Regierung virgeworf, dass mer de Budget net séier genuch an déif genuch géifen an d'Rei setzen a sanéieren, dass eis Konten ni géifen opgoen, dass mer vill ze vill optimisteschen wären. Dat hu mer fénnef Joer laang gehéiert!

An ech war och fest iwwerzeegt, Dir géift an déi Richtung weidergoen a soen: „Alles dat, wat am Regierungsprogramm geschitt, alles, wat Der wëlls hutt, dat ass iwwerhaupt net ze maachen, dofir si keng Suen do.“

Neen, Dir hutt elo komplett d'Meenung gewieselt an Dir sot eis: „Mir hunn elo nach e puer Depensé méi.“ An déi, déi Dir elo herausgesicht hutt, ob dat elo d'Prestation-familiale sinn, déi elo direkt sollen erëm indexéiert ginn, oder de Quart-taux, deem natierlech de Stat Sue kascht, a wat weess ech net nach alles, wat Dir, Här Roth, och virun e puer Deeg hei op dëser Tribün gesot hutt, alles dat géif natierlech eis Staatsfinanze belastschen an dann hätte mer keen Equilibre méi. Dofir, ech fannen dat net ganz kredibel!

Mä wat ech haaptsächlech wëll soen: D'Prioritéite vun dëser Regierung, déi sech dann och wäerten am Budget erëmispigelen, mä déi wäerte mer gesinn am Abrëll, wa mer de Budget définitiv vum Joer 2019 wäerten hei diskutéieren an debattéieren. An dofir regrettéieren ech, dass en fait hei eng Polemik gemaach ginn ass iwwer eng Saach, déi eng Selbstverständlechkeet ass. Mir mussen derfir surgen, dass eist Land kann nom 1. Januar fonctionnéieren. Dat ass eng Saach vun der Responsabilitéit.

An ech soen natierlech deene Merci, déi dëse Projet ënnerstëtzen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Finanzminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

**Amendements**

D'Chamber stëmmt dann elo iwwert d'Amendementer of. Fir d'Éischt wollt ech den Här Gilles Roth froen, ob hien d'accord ass, datt mer d'Numerotatioun vun den Amendementer änneren, dat heescht, datt den Amendement 2 den Nummer 1 wier, an den Amendement 3 den Amendement 2.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Ech mengen, Här President, et wier méi einfach, wa mer géife soen, mir stëmmen iwwer zwee Amendementer of, an den éischten Amendement, wou mer driwwer sollten ofstëmmen, dat wier den Amendement 2. Dat ass deen, ob een de Quart du taux global bei der Plus-value vum Verkaf vun Immobilien, also Terrainen oder Haiser, Wunnengen, ob een dee bäibehält iwwert den 31. Dezember eraus oder net. Wann ee wëllt, dass dee bäibehale soll ginn iwwert den 31. Dezember eraus, da stëmmt een dem Amendement 2 zou.

An an deem Kontext wëll ech awer nach soen, datt net mir dat behaupt hunn, Här Gramegna, mä de Statsminister als de Chef vun dëser Regierung, deen net midd gëtt, de Leit ze zielen: „Wann et dem Land gutt geet, da soll et de Leit och gutt goen.“ An da komme mir mat konkrete Proposen, sou wéi där heiter. An déi éischt, déi vun der Oppositioun kënn, do stëmmt Der dergéint an da sot Der erëm: „Jo, mir wëssen net, ob dat do finanziell machbar ass.“

**(Hilarité et brouhaha général)**

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Roth. Ech mengen, da kéinte mer elo doriwwer ofstëmmen.

**Vote sur l'amendement 2**

D'Chamber stëmmt dann elo iwwert den Amendement 2 vun der CSV of, deen als Objet huet, en neit Kapitel virun dat aktuellt Kapitel 1 bäizesetzen. Wie fir dësen Amendement ass, stëmmt mat Jo, wie géint dësen Amendement ass, stëmmt mat Neen.

**(Brouhaha général)**

De Vott fänkt un. De Quorum ass erreecht.

Den Amendement 2 ass mat 26 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmme ofgeleent. Den Text bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Résultat définitif après redressement : l'amendement 2 est rejeté par 27 voix pour et 33 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

**Vote sur l'amendement 3**

D'Chamber géif dann elo ofstëmmen iwwert den Amendement 3 vun der CSV, deen als Objet huet, an deem grad ofgeleente Kapitel een Artikel bäizesetzen. Mir kéimen dann zum Vott.

Wie fir dësen Amendement ass, stëmmt mat Jo. Wie géint dësen Amendement ass, stëmmt mat Neen.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, et sollt een nach eng kéier soen, dass et hei ëm d'Indexéierung vun dem Kannergeld geet.

**(Brouhaha)**

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Roth, fir déi Präzisoun. D'Ofstëmmung ass schonn amgaangen.

**(Brouhaha)**

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Neen, neen, Dir hutt weder dat eent nach dat anert am Wahlprogramm stoen. Ech hunn nach eng

Kéier genoe nogekuckt: Et steet och net ënnert dem Logement ...

**(Interruptions diverses et brouhaha)**

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- De Vott ass ofgeschloss. Den Amendement 3 ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

**(Brouhaha)**

Den Text bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Roberto Traversini), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Elo wou déi zwee éischt Amendementer ofgeleent gi sinn, schéngt et mir, datt déi aner zwee Amendementer iwwerflësseg sinn. Merci villmools.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7387 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7387. Dësen Text steet am Document parlementaire 7387<sup>3</sup>. D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Duerno de Vote par procuration.

D'Resultat ass dat folgend: 31 Jo-Stëmme, 25 Nee-Stëmme a 4 Abstentiounen. De Projet de loi 7387 ass also domadder mat 31 Jo-Stëmme, 25 Nee-Stëmme a 4 Abstentiounen ugeholl ginn.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Roberto Traversini), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.



**8. 7381 - Projet de loi modifiant l'article L. 222-9 du Code du travail**

Den nächste Punkt ass de Projet de loi 7381, d'Upassung vum Mindestloun ab dem 1. Januar 2019. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn agedroen: den Här Kaes, d'Madamm Elvinger, den Här Back, den Här Goergen an den Här Wagner. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.



**Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale**

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir léif Dammen an Hären, et geet, wéi de President grad gesot huet, ëm d'Upassung vum Mindestloun un d'Entwécklung vun de Salairen, de Salaire moyen an de Joren 2016 an 2017.

Duerfir gëtt et eng legal Basis. Dat ass den Artikel 222-2 Paragraf 2. All zwee Joer ënnerbreet d'Regierung der Chamber e Rapport iwwert d'Evolution vum de Conditions économiques an de Salairen, mat, sou steet do, le cas échéant engem Projet de loi, fir de soziale Mindestloun dann unzepassen.

De besote Rapport huet eng Entwécklung vum Duerchschnittsloun vun 1,1 % festgestallt. Am Dezember 2016, wou ech och d'Chance hat, de Rapporteur vum Gesetzesprojet ze sinn, do war et eng Evolution vum 1,4 %.

De Projet de loi, dee mer haut also sollen ofstëmme, proposéiert deemno, de Mindestloun ab dem 1. Januar 2019 ëm 1,1 % ze erhéien. Dat géif maachen, dass de Mindestloun op 2.071,10 Euro géif klammen, e Plus vun 22,56 Euro, an de qualifizéierte soziale Mindestloun läit da bei 2.485,32 Euro, e Plus vu 27,07 Euro. De Stonneloun läit bei 11,97 Euro respektiv 14,37 Euro fir de qualifizéierte Mindestloun.

De geschätzte Käschtepunkt wäert bei 20,8 Milliounen Euro leien, dovunner 16,5 Milliounen fir d'Salarien a 4,3 Milliounen fir d'Cotisationsen, déi da mussen iwwerholl ginn.

Ronn 60.000 Leit, Dir Dammen an Dir Hären, verdéngen de Mindestloun oder e Salaire, deen no dorunner läit, sou de Rapport, op dee sech dese Projet de loi baséiert. 57,6 % dovunner, also ronn 34.500 Leit, liewen hei zu Lëtzebuerg.

Iwwregens ass den Undeel vun de Mindestlounempfänger an deene leschte Jore geklommen. Am März 2016 waren et 12,4 % vun de Salariéen. Zwee Joer méi spéit sinn et 15,3 % vun de Salariéen, déi Mindestlounempfänger sinn. Déi meescht vun hinne schaffen am Commerce oder am Hebergement oder an der Restauration.

Déi, déi eng Kéier mat 2.071 Euro hu missen eens ginn, wëssen, dass déi 34.500 Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, et ganz schwéier hunn, mat deenen 2.071 Euro hei eens ze ginn. Dat ass eng schwierig Situatioun. Et ass wierklech net einfach. Dofir ass all Erhéijung, a sief et och nëmme am 1 %-Beräich, eng wëllkommen Erhéijung.

D'Avisen zu der Upassung vum Mindestloun si wéi ëmmer gedeelt. Och dat ännert net par rapport zu 2016. D'Chambre des Métiers kritiséiert de Quasiautomatismus vun der Upassung vum Mindestloun, fënn, dass déi ekonomesch Konditiounen eng Augmentatioun vum Mindestloun net erlaben, a gesäit de Risiko, dass wéinst där Erhéijung manner Aarbechtsplaz geife geschäfe ginn. Dat huet se och schonn 2016 gesot.

De Rapport, deen lech hei virläit, dee seet awer, dass mer e staarken Zouwuess vum Emploi an deene vergaangene Joren haten, sou dass also hir Previsioun - déi vun der Chambre des Métiers - net richtig war, zumindest emol net an deene leschten zwee Joer.

D'Chambre des Salariés fënn, dass d'Erhéijung vum Mindestloun, déi hei virgeholl gëtt, net duergeet, virun allem am Verglach mat den héije Liewenskäschten zu Lëtzebuerg. D'Chambre des Salariés weist dann och drop hin, dass de Mindestloun ënnert dem Seuil de risque de pauvreté an och ënnert dem Budget de référence läit. An duerfir setzt d'Chambre des Salariés sech dann och fir eng „augmentation structurelle conséquente“ vum Mindestloun an.

Effektiv läit den Niveau ënnert dem Budget de référence, op gutt Lëtzebuergesch: Et ass jee no Familljekonstellatioun schwéier bis quasi onméiglech, fir mam Mindestloun hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Ronnen ze kommen.

Ech schwätzen hei vun de Working Poor. An d'Situatioun vun deene Working Poor, déi ass fir mech inakzeptabel, ëmsou méi an engem räiche Land wéi Lëtzebuerg. Et kann net sinn, wann s de hei 40 Stonnen d'Woch schaffe gees, dass de dann nach net genuch hues, fir hei kënnen ze liewen. Dat ass eng Situatioun, déi ass an engem Land wéi Lëtzebuerg inakzeptabel!

An duerfir freet et mech och, dass d'Regierung plangt, eng weider Augmentatioun vum Mindestloun ze maachen, dat am Ganze mat 100 Euro netto. Jo, et kann een driwwer diskutieren, ob dat duergeet. Ech si frou, dass mer déi 100 Euro netto hei wäerte kënnen - net haut, mä an där nächster Zäit - definitiv fixieren. An dat ass och e wichtige Schratt fir déi Leit, déi net vill hunn.

D'Modalitéte sinn amgaangen ausgeschafft ze ginn a wäerten dann och retroaktiv op den 1. Januar 2019 applizéiert ginn. Fir déi Leit ass dat eng absolutt Necessitéit, fir hei zu Lëtzebuerg nach weider decemment kënnen ze liewen. An ech sinn och frou, dass mer dat an deem Regierungsprogramm hunn.

Eng positiv Adaptatioun muss een och nach hei ervirstächen - dat ass dann den nächste Projet de loi -, dass nieft dem Mindestloun dann och de REVIS mat gehéicht gëtt. Mir hunn hei dee Parallelismus, deen och ëmmer vun der Chambre des Salariés bis elo beanstant gouf an deen och schonn 2016 mat consideréiert gouf, wéi et ëm eng Erhéijung vun 1,4 % gaangen ass fir de Mindestloun, an dunn ass och den RMG - déizäit huet en nach esou geheescht - ëm 1,4 % gehéicht ginn. Hei wäerte mer dann och eng Erhéijung vum Mindestloun vun 1,1 % an och eng vun 1,1 % vum REVIS kréien.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech wäert heimat och den Accord gi vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Aly Kaes ageschriwwen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Jo, mir hu viru Kuerzem de 70. Geburtsdag vun der Mënscherechtsdeklaration gefeiert. An am Artikel 23 vun där Deklaratioun steet ze liesen, ech zitieren: « Quiconque travaille a droit à une rémunération équitable et satisfaisante lui assurant ainsi qu'à sa famille une existence conforme à la dignité humaine et complétée, s'il y a lieu, par tous autres moyens de protection sociale. »

(**M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.**)

Dir Dammen an Dir Hären, de Mindestloun ass deemno enk verbonne mat der Würd vum Mënsch. De Mindestloun ass iwwregens hei am Land 1944 agefouert ginn, an dat als Instrument vum soziale Friden.

D'CSV stoung an der Vergaangenheet a steet haut nach wie vor ëmmer hannert enger regelméisser Upassung vum dem Mindestloun. Esou steet et och an eise Wahlprogramm.

Zesumme mat der Indexéierung, Dir Dammen an Dir Hären, ass de Mindestloun déi lescht zwielef Joer net manner wéi 14-mol no uewen ugepasst ginn. De Mindestloun läit ouni Qualifikatioun haut - ech betounen, 2018 - bei 2.048,54 Euro, Enn 2006 waren et eréischt 1.541 Euro. Den Ennerscheid si ronn 33 %.

Mir beschléissen haut, Här President, eng Augmentatioun vum Mindestloun vun 1,1 %, eng Decisioun, déi d'Regierung a sech scho virun de Wahlen kommunizéiert huet, awer eréischt formal no de Wahlen beschloss huet. Domadder verbessert sech d'Situatioun, et ass virdru scho gesot ginn, fir ronn 60.000 Leit ëm 23 Euro brutto, wat dann ongeféier 17 Euro netto ausmécht. Dir wësst jo, ech brauch lech et net ze soen, dass dat awer ganz modest ass!

Mir begrëssen natierlech dës Hausse. Mä wéi ech et scho gesot hunn, déi betraffe Leit an hir Famillje kënnen domadder wierklech keng grouss Spréng maachen. An awer mengen ech, si se frou, wa se e puer Euro méi an der Täsch hunn.

Eppes, wat mer awer ze bedenke ginn - esou steet et am Gesetzesprojet -, ass och d'Hausse, an et ass scho gesot ginn, vun de Mindestlounempfänger iwwert déi lescht zwee Joer. Effektiv hu mer op den 31. März 2018 60.000 Leit, déi ronderëm de Mindestloun schaffen, dat si 15.000 Leit méi wéi 2016, dat heescht eng Hausse vu 25 %.

Virun zwee Joer hat den deemolegen Aarbechtsminister nach eng Tendenz no ënne gesinn an dat och kommunizéiert. Déi kënne mer awer leider haut definitiv net erkennen. An dat soll eis wierklech ze denke ginn!

Derbäi kënnt, et ass schonn éinescht gesot ginn, dass de Phänomeen vun de Working Poor weider zouhëlt. Den Aarmutsrisiko fir dës Leit ass vun 11,9 % 2016 op 13,7 % 2017 geklommen. Anescht gesot: Mir sollen eis elo wierklech hei net bretzen, wann d'Leit elo ganz e bësse méi hunn. Déi Leit wäerten et ëmmer nach ganz schwéier hunn, domadder dezent ze liewen.

Jo, laut Statec bräicht a sech e Single-Mann 2.004 Euro de Mount, fir ze liewen. Eng Fra bräicht statistesch gesinn - ech betounen: statistesch gesinn - e bësse manner Geld: 1.998 Euro. Dir Dammen an Dir Hären, et ass net u mir, déi Differenz elo hei iergendwéi ze

kommentéieren. Ech hunn dat do just gesot, fir dann op déi 2.071 Euro brutto ze schwätzen ze kommen. An ech mengen, Dir sidd mat mir d'accord, dass een et mat 2.071 Euro brutto ganz schwéier huet, fir an deem Land hei, an et ass och virdru scho gesot ginn, iwwert d'Ronnen ze kommen. An dës Persoun sinn alleguere ganz no bei der respektiv an der relativer Aarmut.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerfir huet d'CSV ëmmer betount, dass mer Mindestlounempfänger zousätzlech misste stëtzen. Déi Betraffe sollten netto ganz einfach méi an d'Täsch kréien. Mir hu proposéiert, de steierleche Wee anzeschloen an de Mindestloun ganz einfach vun der Akommessteuer ze befreien.

Bon, mä Kolleg Gilles Roth huet dat d'lescht Woch schonn hei op dëser Plaz nach eng Kéier am Detail erkläert. D'CSV huet op där enger Säit proposéiert, de steierbefreiten Akommestmontant vun 11.265 Euro op 12.000 Euro ze erhéien. Doriwwer eraus ass et d'Propos, den onqualifizéierte Mindestloun ganz einfach vu sämtleche Steieren, dat heescht vun der Akommesteier, ze befreien. Domadder leie mer och ganz kloer op enger Linn mat dem Sozialgrupp (veuillez lire : Salariatsgrupp) vum Wirtschafts- a Sozialrot.

Mir sinn der Meinung, dass een, dee Mindestlounbezéier ass, deen de Mindestloun kritt, keng Akommesteier sollt mussen bezuelen. An dat kéint een a sech an eisen Aen duerch e speziellen degressive Steierkredit fir d'Mindestlounbezéier errechen.

De Moment bezilt de Mindestlounbezéier an der Steuerklasse 1 no Ofzuch vun de gesetzleche Sozialbeitrëg mat dem Forfait fir steierlech ofsetzbar Werbungskäschten an dem Forfait fir Sonderausgaben, also de sougenannten „dépenses spéciales“, an dem Steierkredit vu 600 Euro, deen Der zu Recht d'lescht Joer agefouert hutt, awer nach 427 Euro, natierlech als Jonggesell, Akommesteier.

Mir hunn de steierleche Wee virgeschloen, well d'Hausse vum Mindestloun net op Käschte vun de Kleng- a Mëttelbetriber soll goen, a besonnesch net vun deenen, déi de Rapporteur och virdrun hei opgezielt huet. Well d'Leit schaffe virun allem am Handel an an der Horesca - an dëse Beräicher an nach an aneren, mä virun allem an deenen do zwee Beräicher - fir de Mindestloun, an dat géif natierlech fir dës Betriber eng bestëmmte Belaaschtung ginn. An dës Betriber sti souwiso schonn ënner engem gewëssene Präisdrock oder si sinn dem Präisdrock an engem bestëmmte Sënn ausgesat.

Dat erkläert och - nach eng Kéier -, firwat dass mer higaange sinn an de steierleche Wee ageschloen hunn. Eise Wee war also ganz kloer vun Ufank u virgezeechent.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss awer nach e puer Saache soen. Jo, déi Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei war jo an d'Wahlen gaange mat diverse roude Linnen.

► **Une voix**.- Genau.

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Eis sozialistescher Kollege sinn net midd ginn ze soen - an et ass jo elo nach eng Kéier hei widderholl ginn, dass dat iergendeng Kéier kéim, mä esou war et net gesot - an ëmmer erëm och ze betounen, dass et ouni eng Mindestlounerhéijung vun 100 Euro netto, Här Rapporteur, den 1. Januar 2019 keng sozialistescher Regierungsbedeeligung géif ginn. An zu deenen 100 Euro netto gehéiert - an dat war den Här Nicolas Schmit, deen dat gesot huet - ganz kloer net déi 1,1 %-Upassung, wéi mer et elo grad hei erkläert hunn, dass all zwee Joer d'Evolution gekuckt gëtt an dann deementspreechend de Mindestloun ugepasst gëtt.

Neen, dat sollt net zu deenen, esou ass et mindestens erkläert ginn, 100 Euro netto gehéieren.

(**Interruption**)

Esou kënnt et awer elo net méi eriwuer. Et ass ëmmer erëm betount ginn: „1. Januar 2019“, ech muss et ëmmer erëm widderhuelen.

(**Interruption**)

Jo, hei ass elo gesot ginn, dat kéim retroaktiv. A wat fir enger Form dass dat iwwerhaapt méiglech ass, dat muss een emol kucken. An et muss een emol kucken, ob dat iwwerhaapt eng Kéier kënnt! Fakt ass, dass den 1. Januar 2019 ...

(**Interruption par M. Claude Haagen**)

Här Haagen, den 1. Januar 2019 hunn déi Leit mat Ausnam vun där Upassung, déi mer elo stëmme, null an der Täsch. Dat ass d'Realitéit an do kënnt Der drun dréien esou vill wéi Der wëllt! An domadder hunn a sech d'Sozialisten op jidde Fall net dat gemaach, wat se ...

► **Une voix**.- Mir gesinn dat.

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Jo, mir gesinn dat.

(**Interruption**)

Et ass esou gesot ginn an et ass méi wéi präzis esou gesot ginn. Et ass ongeféier esou gesot gi wéi: „Wa mer eelef Sätz oder manner kréien, da sti mir net méi fir d'Regierungsverantwortung zur Verfügung.“

► **Une voix**.- Oh jee!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Mä och do hunn d'Sozialisten dat vill méi nuancéiert gesinn. An et ass alles, dass se net gesot hunn, si hätte gewonnen, well d'Koalitioun huet jo manner vill verluer ..., si huet zwar e Sätz verluer ...

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur*.- „Frustbewältigung“ nennt een dat do!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Mä wann déi gréng net gewiescht wieren, dann hätt d'Koalitioun, ech wëll dat just soen, net ganz gutt ausgesinn. Mä dat ass jo elo net de Sujet.

(**Brouhaha**)

Op jidde Fall, d'Hausse vum Mindestloun ...

Jo, Dir hätt jo direkt kënnen elo an dësem Gesetzesprojet déi 100 Euro netto mat an d'Rei bréngen, esou wéi Der de Leit dat versprach hutt, an da wier dat op jidde Fall och esou, wéi Dir et virun de Wahlen gesot hutt.

► **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- D'CSV ass sécher net méi d'Partei vun dem Patronat!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Deem ass awer net esou. Dat heescht, Dir hutt et a kuerzer Zäit zweemol anescht gemaach, wéi Der et virun de Wahlen gesot hutt. Fakt ass, an ech widderhuelen et nach eng Kéier, den 1. Januar 2019 hunn d'Leit, déi fir de Mindestloun schaffen, just eng Upassung vun deem, wat elo un der Evolution errechent ginn ass, an dat sinn 23 Euro brutto an dat si 17 Euro netto!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir begrëssen natierlech, ech mengen, dass keng Diskussioun, dass hunn ech och kloer gesot, dass 60.000 Leit duerch dës Projet eng kleng zousätzlech finanziell Ennerstëtzung kréien. Mä nach eng Kéier: Mir brauchen eis wierklech net domadder ze bretzen!

Eng Fro, déi ech awer vläicht nach un den Här Minister hunn, dass ass: Mäi Parteikolleg Marc Spautz huet virun zwee Joer u sech d'Fro vun de Lehrlingsentschiedegungen opgeworf, ob déi dann och elo géifen ënnert deeselwechte Mechanismus falen. Dir kënnt, Här Minister, eis vläicht dozou en Opschluss ginn.

Bon, ech kéim zum Schluss. Ofschléissend wëll ech dann awer ganz kloer soen, ech mengen, ech hunn et schonn eng Kéier betount, et ass also net iwwerraschend, dass mer dee Gesetzesprojet awer hei wäerten ennerstëtzen als CSV. An ech géif domadder also och den Accord ginn a Merci soe fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **Une voix**.- Ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Joëlle Elvinger.

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Leeschtung muss belount ginn. Dat ass ee vun de Grondprinzipien, déi d'Demokratescher Partei nach ëmmer verdeedegt huet. Aarbecht muss sech lounen. Dat ass fir eis eng Evidenz.

Een, deen all Moien opsteet a schaffe geet, därer net d'Gefill kréien, dass déi geleschten Aarbecht finanziell kee groussen Ennerscheid mécht. Et si virun allem allengerzéiend Elteren, déi zu Lëtzebuerg vum Aarmutsrisiko betraff sinn, an dat obwuel si schaffe ginn.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

D'Liewen zu Lëtzebuerg ass deier, virun allem d'Wunne belaauscht de Budget vu ganz ville Leit. Et ass d'Aufgab vun der Politik, ze verhéieren, dass et zu Lëtzebuerg déi sougenannten „working poor“ gëtt, also Leit, déi trotz enger Schaff vun Aarmut betraff sinn.

Déi regelméisseg Upassung vum Mindestloun un déi allgemeng Lounentwécklung sinn ee Moyaen, fir deene Leit ënnert d'Aerm ze gräifen. Duerfir huet d'DP dës Upassungen och ëmmer matgedroen a wäert dat och dës Kéier maachen. Mir dierfen awer net vergiessen, dass de Mindestloun net vun der Politik, mä vun de Betriber bezuelt gëtt. Mir hunn als DP do virdru gewarnt, allze liichtferteg mat de Sue vun anere Politik ze maachen, ganz einfach well mir wëssen, dass déi Sue fir d'Éischt mussen erwirtschaft ginn. A wann dat net de Fall ass, sinn Aarbechtsplazen a Gefor.





Mindestlounerhéijungen op Käschte vun Aarbechtsplaze si fir eis keen akzeptabelen Tosch. Duerfir si mer och frou, dass déi am Koalitiounsaccord versprochen exceptionnel Mindestlounerhéijung just zu engem klengen Deel vun de Betriber muss bezuelt ginn an de Rescht iwwer steierlech Mesurë finanzéiert gëtt.

Ech wëll an deem Kontext awer och nach eng Kéier un all d'Mesuren aus de leschte fënnf Joer erënneren, déi d'Regierung geholl huet, fir Leit mat engem niddregen Akommes ze ënnerstëtzen, ouni d'Betriber ze belastschen: Vun der Steuerreform hu virun allem déi kleng a mëttel Akommes profitéiert, ënner anerem duerch d'Verduebele vum Crédit d'impôt pour salarié an dem Crédit d'impôt monoparental. Mir hunn d'Subvention loyer daitlech no uewen ugepasst an derfir gesuergt, dass méi Persounen dovun profitéiere kënnen. An och d'Famillje mat Kanner goufe finanziell entlaascht, zum Beispill mam Aféiere vu gratis Schoulbicher an den 20 Stonne gratis Kannerbetreuung.

Iwwer 300 Euro am Mount, netto wuelverstanen, maachen eleng dës Mesuren aus fir e Monoparental, deen den net qualifizéierte Mindestloun verdéngt an zwee Kanner huet. Dës Politik dréit daitlech d'Handschrëft vun der DP. Sozial selektiv Sachleeschungen, déi deene Leit zeguttkommen, déi se och wirklech brauchen. An esou wëlle mer och déi nächst fënnf Joer virufueren.

Lëtzebuerg huet den héchste Mindestloun a ganz Europa an ass domat e Virbild fir eng ganz Partie aner Länner. Dës kënnen mir eis och dowéinst erlaben, well eist attraktivt steierlecht Ëmfeld dozou bäidréit, dass vill Betriber sech et leeschte kënnen, attraktiv Salairen och fir net qualifizéiert Employéen ze bezuelen. Duerfir wier et och falsch, Steiererliichterungen, besonnesch fir déi kleng a mëttelgrouss Betriber, wéi se am Koalitiounsaccord festgehalen sinn, als Kaddoe fir d'Patronat ze bezeichnen.

En attraktivt steierlecht Ëmfeld fir eis Betriber hänkt direkt mat eiser Mindestloun- an Aarbechtsmaartpolitik zesummen. Ronn 9 % vun de Salairen zu Lëtzebuerg leien am direkten Ëmfeld vum net qualifizéierte Mindestloun. Selbstverständlech ass et wichteg, dës Leit duerch Augmentatioun vum Mindestloun ze hëllefen. Vill méi nohalteg ass et awer, den onqualifizéierten Employéen oder Salariéen et ze erméiglechen, sech weiterzebilden, fir dass se sech beruflech weiterentwéckele kënnen. Hei sinn eng ganz Rei Mesuren am Koalitiounsaccord virgesinn, déi mir ausdrécklech begrëissen.

Déi sozial Kohäsion ass ee vun eise gréissten Atouten, déi mir am Verglach mat villen anere Länner hei zu Lëtzebuerg hunn. Zu Lëtzebuerg geet et deenen allermeeschte Leit gutt, an dat soll och an Zukunft esou bleiwen. An duerfir droe mir dës Erhéijung vum Mindestloun och mat.

An ech géif awer nach profitéieren, fir dem Rapporteur Georges Engel Merci ze soe fir säi gudden mëndlechen an och schrëftleche Rapport. An ech ginn den Accord vun der DP-Fraktion zu dësem Projet de loi.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Elvinger. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Carlo Back (déi gréng).** - Här President, Kolleginnen a Kollegen, Merci dem Rapporteur, dem Georges Engel, fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, dee ganz detailéiert war.

Et ass fir mech déi éischt Ried hei an der Chamber an et ass fir mech natierlech eng Eier, dës éischt Interventioun virun allem zu dësem Thema kënnen ze maachen. Mir schwätzen de Moment hei iwwert d'Upassung vum Mindestloun un d'Evolution vum de Salairen hei am Land. Et schéngt mir och, wéi wann de gemeinsamen Nenner, dee mer hei erreecht hunn, méi grouss ass wéi bei deene viregte Gesetzesprojeten. An ech mengen, a mir Gréng mengen dat, dat ass och gutt esou!

Dës Gesetz ass e wichtegen Outil vun enger solidarescher a sozial gerechter Gesellschaft. Fir dass de Mindestloun awer och en effikassen Outil vun enger solidarescher Gesellschaft bleift, an där all Aarbecht valoriséiert an d'Dignitéit vum Mënsch héichgehalen gëtt - den Här Kaes huet dat virdrun ugeschwat, wéi en iwwert d'Mënscherechter geschwat huet -, muss de Mindestloun un déi reell Verhältnisse an un déi aner Salairen ugepasst ginn.

Als Erënnerung: Och wann d'Gesetz virgesäit, dass dat all zwee Joer ka gemaach ginn, an dat och an deene leschte Joren ëmmer, wann ech gutt informéiert sinn, gemaach gouf, ass dat keen Automatismus. Dës Decisioun muss a gudden, mä och a manner gudden Zäite geholl ginn. Lëtzebuerg soll weider Virreider bleiwen - den Här Kaes sot dat och, oder wie war dat, dee gesot huet, dass mer en héije Mindestloun hunn -, wat d'sozial Gerechtegkeet ugeet, wéi et och am Koalitiounsaccord steet: „ambitiéis, gerecht, nohalteg“.

Een adequate Loun valoriséiert net nëmme d'Aarbecht, mä gëtt och méi Fräiheet fir de Salarié. Nëmme wann de Mindestloun ugepasst gëtt, kann een de soziale Friden an der Gesellschaft weiderhi garantéieren. Ech brauch elo keng Exkursioun ze maachen an eent vun eisen Nopeschlänner, wou mer jo gesinn hunn, dass dës Mesure mam Drock vun der Strooss duerchgesat gouf. Mir sinn éischter an enger präventiver Situatioun, wat ech och hei wëll begrëissen am Numm vun eiser Fraktioun.

Dem Aarmutsrisiko an dem Phenomeen vun de Working Poor, deen och schonn e puermol hei ugeschwat gouf, muss entgéintgewierkt ginn. D'Aarmutsrisikogrenz, 1.800 Euro 2017, läit net wäit ewech vum Mindestloun, elo 2.048 Euro brutto. Mir mussen dorop awierken, dass een net mam Mindestloun an d'Aarmut rutscht, mä dass ee mam Mindestloun säi Liewe ka maachen. Duerfir ass et gutt, dass sech déi nei Koalitioun d'Bekämpfung vum Phenomeen vun de Working Poor virgeholl huet, ënner anerem mat enger weiderer struktureller Erhéijung vum Mindestloun, déi iwwert dës Upassung erausgeet.

D'Inegalitéite vum Akommes musse gebremst ginn, well den Ecart tëschent méi héije Salairen an dem Mindestloun net weider därer an d'Luucht goen.

Här President, dës Mesure betrëfft net eng Minoritéit vun eise Salariéen, mä ongeféier 60.000 Salariéen. 15 % vun eise Salariéen, Fonctionnaires exclus, liewe vum Mindestloun oder knapp driwwer. Alleguer d'Mindestlounbezéier, ob Resident oder Netresident, solle vun där gudder wirtschaftlecher Entwécklung profitéieren, well si alleguer zu engem wesentlechen Deel zu dem Wuelstand hei am Land bäidroen.

Dës Mesuren droen och zu eiser Economie bäi, well et kann een dovun ausgoen, dass dee gréissten Deel vun deene 16,5 Milliounen Euro, déi dës Mesure kascht, zrëck an d'Economie fléisst an eise Land an och an der Groussregioun.

Et gëtt och kee Beweis, dass mat dëser Upassung vum Mindestloun de Chômage géif an d'Luucht goen. All vergaangen Upassung vum Mindestloun hu keen esou ee Phenomeen produzéiert. Wéi Dir all wësst, hëlt de Chômage an de leschte Jore souguer of.

Allerdéngs soll een net vergiessen, dass de Mindestloun eropzesetzen net duergeet, fir Working Poor an Ongläichheeten ze bekämpfen. Duerfir sinn nach aner Mesuren an dem Koalitiounsaccord virgesinn, wéi de Barème an d'Kritäre vun der Allocation de vie chère unzupassen.

Dann zu deem Gesetzestext e puer Commentairen a Froen. Eng Fro zu dem Dokument: Den Artikel 222-6 vum Code du travail gesäit vir, dass et engem Betrib, deem seng finanziell an ekonomesch Situatioun him et net erlaabt, de Mindestloun a sengem Betrib ze applizéieren, erlaabt ass, an ech zitéieren: « à appliquer provisoirement aux taux du salaire social minimum un taux d'abattement, déterminé quant à son niveau et à sa durée », dës natierlech am Kader vun enger Prozedur, déi och am Artikel festgehalen ass.

Meng Fro: Wivill Betriber hunn no der leschter Upassung virun zwee Joer vun dëser Mesure Gebrauch gemaach? Dës géif eis Informatiounen ginn iwwert d'Schwieregkeeten an de Betriber - dat ass jo och ugeschwat ginn hei -, fir dës Mesuren och an de Betriber dobaussen ëmzesetzen.

Mir stellen och fest a mir bedauern och, dass de Conseil d'État just den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires virleien hat, op deen dës Institutionen sech konnt berufen. Déi zwee aner Aweise sinn nom Conseil d'État sengem Avis ukomm.

Fir ofzeschléissen: Mir brauchen eng gerecht Lounpolitik a gläichzäiteg eng effikass Sozialpolitik, déi Hand an Hand ginn. D'Upassung vum Mindestloun, déi haut decidéiert gëtt, ass en Element vun enger gerechter Lounpolitik. Dowéinst ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Back. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech mengen, dat meescht ass hei gesot ginn. Ech wëll awer fir unzefänken dem Här Georges Engel Merci soe fir säi schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

Mir hunn haut e Gesetz, wat mer hei upassen, 1,1 % op de Mindestloun. (veuillez lire : Mir hunn haut als Basis e Gesetz, wou mer de Mindestloun upassen, dës ass 1,1 % op de Mindestloun.) Fir 60.000 Salariéen ass dat zum Virdeel. Dat ass net näischt. Et si grad, finanziell gesinn, déi Schwächst an eiser Gesellschaft, déi dovunner kënnen profitéieren. Si kënnen sech duerfir net allze vill leeschten, mä duerch dës Erhéijung geet hir Kafkraaft e bëssen erop, wat och fir si eng Erliichterung ass. A si brauchen dës Erhéijung dréngend.

Déi meescht Leit, dat wëll ech och emol soen, déi hei betrëfft sinn, hu kee Kollektivvertrag, déi falen net dorënner, an déi eenzeg Erhéijung ass nieft dem Index dës Erhéijung vum Mindestloun, deen ugepasst gëtt an de Joren 2016 an 2017 (veuillez lire : deen ugepasst gouf un d'Lounentwécklung aus de Joren 2016 an 2017). Duerfir gi mir och als ADR d'Zoustëmmung zu dëser Erhéijung an zu dësem Gesetz.

An da verweisen ech awer nach op d'Regierungserklärung, wou ugekënnegt gouf, dass de Mindestloun ëm 100 Euro netto soll eropgoen. Dës Erhéijung vun haut ass zwar ron, wann een emol alles richtig rechent, ëm 20 Euro an ee Bestanddeel vun dësen 100 Euro. Mä dës Erhéijung (veuillez lire : vun 20 Euro) hätten d'Leit souwisou kritt, virausgesat dass d'Chamber dës stëmmt, och ouni déi 100 Euro an der Regierungserklärung, soudatt dat a Wirklechkeet keng 100 Euro eropgeet, mä am Fong geholl tëschent 78 an 80, wann een dat ëmrechent.

An dann hoffe mer och, dass déi aner Erhéijung deemnächst wäert komme vun 0,9 %. Déi solle jo d'Betriber (veuillez lire : zu engem klengen Deel) iwwerhuelen, an de Rescht soll iwwert de Wee vun de Steiere goen, wann de Crédit d'impôt - dat hoffe mir, dat ass eng sozial a méi gerecht Steier - sollt agefouert ginn. Dat hate mer och an eise Wahlprogramm stoen an dat géife mer och gären ëmgesat gesinn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Deen Text, iwwert dee mer haut schwätzen, ass d'Adaptatioun vum Mindestloun un d'Entwécklung vun den Duerchschnittsléin hei zu Lëtzebuerg. Et ass eppes, wat eng laang Traditioun huet, wat säin Ursprung eigentlech am Gesetz vun 1973 huet, wou et awer nach aner Berechnungsmodeller gi sinn, wéi den Duerchschnittsloun sollt ermëttelt ginn, a wou et eigentlech eng Traditioun ass, zumindest hunn ech dat bis an d'80er Jore kënnen novollzéien, dass all zwee Joer dee Rapport da gemaach gëtt - wéi d'Gesetz et och virgesäit - vun der Regierung an datt dann d'Chamber enger Mindestlounerhéijung zoustëmmt.

Dat heescht, mir hunn et hei net mat eppes Exceptionnellem ze dinn, mä mat enger Praxis, déi sech an deene leschte Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg glécklecherweis agebiergert huet. Et ass en Element vun der Lounpolitik hei am Land, well et ebe justement den Hiwiel do usetzt, wou d'Regierung och wirklech en Afloss huet, nämlech beim niddregsten, eben dem Mindestloun. Dat heescht, déi Erhéijung vun 22,5 Euro ass eng, déi duerfir konsequenterweis och vun der leschter Regierung ugeholl ginn ass an engem Regierungsrout virun de Wahlen a just e puer Deeg no de Wahlen dunn als ganz Dokument deposéiert ginn ass nach vun dem Här Kersch sengem Virgänger, dem Här Schmit.

Dës gesot, mengen ech, well dat hei an där ganzer Diskussioun ëm d'Mindestlounerhéijung jo awer een Element soll sinn, schéngt et mir duerfir ganz wichteg, dass ee betount, dass dat hei en Element ass vun eise Code du travail, dat eng ganz laang Traditioun huet an dat souguer Regierungen net a Fro gestallt hunn, déi definitiv méi ferm vum neoliberalen Lämmes gebass ware wéi eventuell déi heiten.

Dat schéngt mer wirklech wichteg ze sinn, well et gëtt an dëser Erhéijung ëm 1,1 % eppes Zweetes, wat opfällt: Wann ee sech dann d'Erhéijungen ukuckt aus deene leschte Jorzéngten, dann ass et déi zweetniddregst. Just 2014 war eng ëm 0,14 %, déi nach méi niddreg war wéi déi heiten, do war se ëm 0,1 %. A soss ass et an der Geschicht vun deem dote Modus déi zweetniddregst. Dat huet na-

tierlech mat der Lounentwécklung zu Lëtzebuerg insgesamt ze dinn. Mä et muss een op jidde Fall all déi Argumenter entkräften, déi dann eventuell soen, et hätt en negativen Afloss op d'Kompetitivitéit vun de Betriber, wourop ech zum Schluss nach eng Kéier wëllt kuerz agoen.

Bon, mir hunn 1,1 % Mindestlounerhéijung, 22,5 Euro brutto. Dat ass eppes, wat 60.000 Leit betrëfft. A fir mir dat e bësse méi virun Aen ze féieren, hunn ech gekuckt, wat dat da fir meng Gemeng bedeit. Fir déi Stad, aus där ech kommen, nämlech d'Stad Esch, bedeit dat, dass 36 %, méi wéi all drëtze Salarié vun Esch, vun där heiter Mesure betrëfft sinn. An dat ass enorm vill, wann ee sech dat an där Gréisstenueerdnung do virstellt. An et seet awer natierlech och eppes aus iwwert déi ongläich Akommesstrukturen iwwert d'Land.

Mir mengen, Här President, dass et ee ganz wichtege Prinzip vum Mindestloun ass, dass e Mënsch, dee Vollzäit schafft, vun deem Loun vu senger Aarbecht och muss kënnen dezent an éierbar liewen, an dat virun de Sozialtransferten, op déi ee jee no perséinlecher Situatioun oder Familijsituatioun eventuell zousätzlech Urecht huet.

An déi Diskussioun, déi mer an de vergaangene Méint a Joren hate ronderëm d'Heicht vum Mindestloun, huet virun allem domadder ze dinn, dass mer gesinn hunn, dass de Mindestloun genau deem dote Prinzip net méi gerecht gëtt, dass nämlech een, deen um onqualifizéierte Mindestloun ass, net méi capabel ass, ouni Sozialtransferten en dezent Liewen ze féieren. An d'Tendenz, déi mer observéiert hunn an deene leschte Joren, geet éischter an eng ganz negativ Richtung.

An deene leschten zéng Joer ass den Aarmutsrisiko vun 13,5 % op 18,7 % an d'Luucht gaangen. An datselwecht géllt fir d'Working Poor, wou der notament jo ganz vill drënner sinn, déi op de Mindestloun ugewise sinn: Deen Taux ass an d'Luucht gaange vun 9,3 % op 13,7 %. An déi zwee Tauxe sinn déi absolut Rekord, negativ Rekord, déi mer bis elo zënter der Moossung vun deenen doten Tauxen hunn.

A grad d'Working Poor sinn déi, wou de Fait, dass déi Zuel an d'Luucht geet an deen Taux an d'Luucht geet, am meeschte revoltéierend ass, well et dee wesentleche Prinzip vun engem Gesellschaftsvertrag, deen doranner besteet, dass grad Leit, déi Vollzäit schaffen, dass déi éierbar liewen, a Fro stellt.

An duerfir menge mer, net nëmme als Lénk, mä zesumme mat de Gewerkschaften an der Salariatskummer, dass et iwwerfällg gewiescht wär, hei zu Lëtzebuerg eng strukturell Erhéijung vum Mindestloun duerchzeféieren, an dat zwar brutto, brutto, net well mer onbedéngt d'Patronat wëlte bestrofen, mä well brutto virun allem bedeit, dass dat un dee Brutto aner Leeschtungen, aner Prestatiounen gebonne sinn. Et huet en direkten Afloss herno op d'Pensionshéicht. Et huet en direkten Afloss herno dorobber, wann een eventuell an de Chômage geréit et cetera et cetera.

Also mir mengen, dass grad de sozialiséierte Loun deen ass, wou et och wichteg ass, dass een dee mathéicht, well soss schäfe mer domadder eigentlech näischt aneres wéi d'Hongerrente vun der Zukunft.

Ee Problem, dee mer zu Lëtzebuerg observéieren, ass déi allgemeng Lounentwécklung, an do huet d'Salariatskummer an hirem Sozialpanorama errechent, dass déi niddreg Léin iwwer 20 Joer gesinn - déi lescht 20 Joer - wesentlech manner héich gekomme si wéi déi héich Léin. Déi héich Léin sinn an der Moyenne an deene leschten 20 Joer proportional bal duebel esou séier gekomme wéi déi niddreg. A genau dat ass Ausdrock vun där sozialer Schéier, déi mer zu Lëtzebuerg erliewen. An och dat hu mer an deem Rapport, deen d'Regierung als Dokument jo dësem Gesetz annexéiert huet, festgestallt.

An zwou Zuelen, déi do an d'A sprangen, sinn: 2016 sinn déi niddreg Léin oder ass deen niddregste consideréierte Loun - 20 % gi jo net consideréiert -, ass deen niddregste consideréierte Loun par rapport zum Virjoer ëm just 0,12 % gekomme par rapport, am Géigesaz zu 1,02 %, also néngmol méi, wat deen héchste consideréierte Loun gekommen ass. Dat heescht, do entdecke mer, do erkenne mer ganz kloer eng negativ Entwécklung vun der Loundynamik, déi besonnesch déi ënnescht Salairé betrëfft.

Bon, d'Gewerkschafte soen an d'Salariatskummer huet jo och an hirem Avis geschriwwen, dass een Mindestlounerhéijung vu mindestens 10 % brutto bräicht fir deen Ecart (veuillez lire : fir deen Ecart auszegläichen), deen entsteet, souwuel deenen Zuele vum Aarmutsrisiko no, wat e relative Wäert ass, wat éischter eppes ausseet iwwert d'sozial Ongläichheet, wéi deene vum Stater no, iwwert d'dezent





Liewen, iwwert deen Taux, dee Budget de référence, deen ee wierklech brauch, fir als Een-zelne kënnen dezent ze liewen, an dezent heescht, mënschewierdeg ze liewen, datt een do wesentlech méi bräicht wéi dee Mechanismus, dee mer haut stëmmen wäerten.

Bon, ech hu virun zwee Joer hei op dëser Plaz schonn eng Ried gehalen, a virun zwee Joer war et och esou, datt mer nei Rekordwäerter haten, wat d'Auseanergoe vun der sozialer Schéier ugaangen ass. Virun zwee Joer hate mer dee Moment 11,9 % Working Poor, dat war dee Moment och schonn en histoersch héije Wäert. An duerno ass da gesot ginn: „Jo, mä mir maachen elo déi soziaalt vun alle Finanzreformen an dat wäert een Element dovunner sinn, eppes wat dozou bäidréit, datt deen Taux zrëckgeet.“

Déi Finanzreform ass zënter 2017 a Kraaft a mir gesinn an den Zuelen einfach, datt se näischt bruecht huet, mä datt d'Zuelen éischter nach weider an d'Luucht gaange sinn an datt dat duerfir net den eenzegen a wichtegen Hiewel ka sinn, mä datt de wichtegen Hiewel dee muss si vun der Bruttomindestlounerhéijung, fir déi mir och nach ëmmer selwer stinn, dës zesummen, wéi gesot, mat de Gewerkschaften.

Mech huet awer eppes an der Argumentatioun vun enger Beruffskummer besonnesch amesiert, dat war d'Chambre des Métiers, déi argumentéiert huet, um Beispill vun der Constructioun, datt dat en negativen Afloss kéint hunn op d'Kompetitivitéit.

Also et gëtt e Beräich, wou et en negativen Afloss kéint hunn, an dat ass den Horeca-Beräich, well dat effektiv deen eenzegen ass, deen eenzege Beräich ass, wou d'Bruttolén am Ausland e bëssen, an et gëllt och just fir Däitschland, e bëssen ënnert deene vu Lëtzebuerg leien. An all deenen anere Beräicher leien d'Bruttolén zu Lëtzebuerg net iwwert deenen a Frankräich an an der Belsch an an Däitschland.

Duerfir, grad dat dote Beispill ze huelen, dat ass net ganz gönschteg gewielt. A mir mengen duerfir bei der Entwécklung vun der Constructioun, déi jo och op aner Facteuren ugewisen ass, wéi zum Beispill öffentliche Investitiounen et cetera, datt dat keen Afloss dorop huet.

Meng Zäit ass ofgelaf, Här President, ech gesinn dat. Ech ginn den Accord vun eis als Lénk, fir dee Mechanismus, dee mer zënter Jorzéngten uwenden, och dës Kéier unzewenden.

An ech si wierklech awer ganz gespaant, wéi déi 100 Euro netto den 1. Januar sollen zustane kommen, well jo do och nach eng Bruttoerhéijung zum Deel zumindest, esou wéi ech am Koalitionsaccord gelies hunn, derbäi wär, wéi een dat da retroaktiv verrechent. Dat Geheimnis, denken ech, wäert de Minister eis herno erklären.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, léif Matbierger, fir d'Éischt emol e Merci un de Rapporteur Georges Engel fir dee Bericht, deen en esou schéi gemaach huet.

Wa mer vum Mindestloun schwätzen, da schwätze mer vu méi wéi nëmmen enger Zuel. Mir schwätzen hei vun deem Verdéngscht, mat deem d'Leit hir Existenz ofsécheren. Mir Piraten sti fir sozial Kohäsion. Mir setzen eis dofir an, dass déi sozial Schéier tëscht Grouss- a Klengverdénger zesummekéint. All Eenzelnen an der Gesellschaft sollt déi gläich Viraussetzungen hunn, fir säi Liewe fräi ze gestalten.

Aus dësem Grond stelle mir eis enger Erhéijung vum Mindestloun net an de Wee. Mir hätten awer ganz gär gehat, wann déi méi wéi nëmmen 1,1 % gewiescht wär.

De Mindestloun, dat ass de Präis, dee mer als Gesellschaft jiddwerengem mindestens dofir garantéieren, fir seng Aarbechtsleeschung un e Patron - jo! - ze verkafen. Wie beim Mindestloun spueren wëllt an de Leit hiren Existenzminimum verweigert, dee kraacht de Leit hire leschte Botter nach vun der Kuuscht.

An d'DP huet virdrun hei d'Diskussioun ugefaangen: „Moies muss een opstoen an nach Loscht hunn, fir schaffen ze goen.“

Gi mer dann elo emol hi mam Mindestloun: Do si ganz vill Leit, déi wëssen den 21. vum Mount schonn net méi, wéi se um Enn vum Mount auskommen! Déi soen: „Oh, wat geschitt dann elo? Wéi gi mer dann do nach virun?“

Do muss een awer emol ganz kloer soen: Wann d'Leit moies déi Motivatioun sollen hunn, fir schaffen ze goen, da muss awer och herno eppes iwwreg bleiwen. Ech mengen, mir müssen net d'Diskussioun féieren, wéi wann

een, deen haut de Mindestloun huet, herno nach esou vill op e Spuerkonto kéint leeën.

Dann, mir hunn deen héchsten an Europa, mä dat ass och esou en Zuelentrick. Gitt emol eng Kéier hin a rechent et prozentual zu de Käschten, déi een huet, fir hei ze wunnen! Ech mengen, da kommt Der net méi op esou eng schéin Zuel, wéi se virdrun hei presentéiert ginn ass.

An den 1. Januar, jo, et mag sinn, dass do elo d'LSAP dat versprach hat. An ech ginn och fest dovun aus, dass d'Kollege vun der LSAP dat éierlech gemengt hu virun de Wahlen an dat och gären ëmgemat hätten.

**(Brouhaha)**

Mä ech hunn de Verdacht, dass ee Koalitions-partner dat verhënnert huet.

D'Madamm Cahen ass elo leider eraus.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Leet Äre Kapp a Rou, dat geet schonn!

► **Une voix.**- Mir wäerten dat scho maachen.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Mä ech gi fest dovunner aus, dass d'DP do gebremst huet, fir déi sozial Measure ëmzesetzen.

► **Une autre voix.**- Aah! Elo wësse mer et.

**(Interruption)**

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Wa mer vun engem Mindestloun schwätzen, schwätze mer nach laang net vun engem faire Loun. Et ass méi wéi evident, dass och dës Erhéijung vum Mindestloun net duergeet, fir d'Schéier tëschent Aarm a Räich zesummenzeféieren. Déi Erhéijung heescht konkret, dass d'Leit ronn 22 Euro méi um Enn vum Mount wäerten hunn. Ob de Leit, déi vum Mindestloun liewe wäerten, domadder wierklech gehollef ass, dat loosse mer emol am Raum stoen.

Net ze vergiessen, dass, wann een d'Budgete kuckt vun de Gemenge fir d'nächst Joer, op ville Plazen déi Taxen nach wäerten an d'Luucht goen. A wéi mer virdrun héieren hunn, gëtt jo och nach eng Kéier de Spritt méi deier. An ech mengen, et ass eng ganz Lëscht - esou vill Riedezäit huet een net -, wat alles nach wäert méi deier ginn. Deementspriedend sinn déi 22 Euro ganz schnell erëm opgiess.

**(Interruption)**

Jo! Wéini? D'Leit brauche se!

**(Interruption)**

Maacht virun! Dat ass et, wat zielt!

**(Interruption par M. Claude Haagen)**

Jo, dat hëlleft de Leit awer net direkt.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Dat ass richtig.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Gesitt Der emol! Mir gesinn déi Erhéijung net als Kaddo, och net als Verdéngscht vun enger Partei. Et ass keng sozial Wohltat säitens der Regierung, mä hei gëtt einfach nëmmen eng Upassung gemaach. Vun deenen 100 Euro netto, déi versprach gi sinn, falen der also 22 ënnert dës Augmentatioun.

Mir fuerderen, dass d'Regierung sech hirer Verantwortung wierklech stellt an effektiv Mesuren hëlt, déi den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg begrenzen.

De Mindestloun muss, wa mer vu Sozialpolitik schwätzen, mindestens 20 % iwwert dem Aarmutsrisiko leien. Eréischt da kann ee vun engem Mindestloun schwätzen, deen de Begrëff „Loun“ och gerecht verdéngt huet.

Mir stëmmen dës Erhéijung mat, hätten awer léiwer eng Zuel gehat, déi vill méi héich ass wéi 1,1 %. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Goergen. An elo huet d'Regierung d'Wuert. Här Aarbechtsminister Dan Kersch, wannech gelift.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Merci, Här President. Virdrun huet den Här Back der Chamber gesot, dass e frou wär, dass e seng éischt Ried hei an dësem héijen Haus kéint hale grad zum Thema Mindestloun.

Dat ass och meng éischt Ried als Aarbechtsminister an ech si gradesou frou wéi hien, dass et grad iwwert dat Thema Erhéijung vum Mindestloun geet. Ech wëll och e grouss Merci ausdrécken un de Rapporteur engersäits, anerersäits awer och un d'Spriecher vun alle Fraktiounen, well ech keen heibannen am Sall héieren hunn, deen der Meenung gewiescht wär, dass et net un der Zäit wär, fir de Mindestloun an d'Luucht ze dreien. Mir hunn also hei an dëser Fro eng grouss Eenegkeet, an ech begreissen dat.

Et ass richtig, dës Gesetzsprojet ass nach ausgeschafft gi vu mengem Virgänger, dem Nicolas Schmit. An deem Sënn kann een dat scho bal esou gesinn, dass ech elo hei am Fong da géif d'politesch Lorbeere vu mengem Virgänger ernten. Mä ech mengen, wann d'Chamber an där Eenegkeet dee Gesetzsprojet wäert stëmmen, esou wéi et elo hei ugedeit ass, dann ass dat de Verdéngscht vun der Politik insgesamt. An dat ass och gutt esou, dass mer et fäerdegrëngen, an entscheidende Froe vun der sozialer Kohäsion vun eisem Land Eenegkeet ze weisen.

Ech wollt vläicht ee Wuert soen, well dat mir opgefall ass, wéi ech déi eenzel Avice gelies hunn: Duerch de Mechanismus vun der Upassung vum Mindestloun, wéi mer en actuellement hunn, hu mer de facto - an et huet nach kee Riedner dat gesot, dofir halen ech drop, fir et ze soen - ëmmer e Retard vun annerhallwem Joer. Dat ass net politesch gewollt, dat ass geschëllt den technesche Viraussetzungen, déi mer hunn, fir déi Adaptatiounen ëmmer ze berechnen.

Ech wäert mer op de Fändel schreiwen, fir ze probéieren, alles ze maachen, fir dee Retard zumindest ze verkierzen, och wa mer e mat Sécherheet net ganz wäerte kënnen opschaffen.

Ech sinn och frou, dass déi intellektuell Éierlechkeet an dësem Sall hei d'Iwwerhand behalen huet an dass, entgéint deem, wéi et an der Press heiansdo duergestallt ginn ass, mer hei net vun enger automatescher Upassung schwätzen, déi et nom Code du travail iwwerhaupt net gëtt. An den Deputéierte Baum ass do, fir mech ze confirméieren: En huet vun enger Traditionioun geschwat, mä net vun engem gesetzlechen Automatismus, deen et och am Gesetz absolutt net gëtt.

Et ass ëmmer nach eng politesch Entscheedung vun enger Regierung, vun enger Chamber, ier et zu där Adaptatioun vum Mindestloun kënnt, déi mer elo haut maachen.

Vläicht awer an deem Kontext, an et wäert deenen, déi de Koalitionsaccord am Detail gelies hunn, opgefall sinn: D'Regierung huet sech engagéiert iwwert de Koalitionsaccord, fir déi fakultativ traditionell Opwäertungen an deenen nächste fënnef Joer och ze maachen. Ech mengen, och dat sollt een eng Kéier op dëser Plaz hei ervirsträichen.

Da kommen ech natierlech net derlaanscht, och als Regierungsvertreder op déi Diskussioun vun 100 Euro netto - réckwierkend, Här Kaes, op den 1. Januar 2019, leet Äre Kapp also do a Rou! - anzegoen. An esou wéi Dir et och ugedeit hutt, ass dat jo kloer, wann ee vun 100 Euro netto schwätzt, dann heescht dat jo, dass dat brutto net mat 100 Euro duergeet, mä dass mer eis wahrscheinlech an enger Gréisstenueerdnung vun 115, 116, 117 Euro wäerte bewegen, fir op déi 100 Euro netto ze kommen.

An et ass och festgehalen, dass een Drëttel vun där Zomm engersäits vun de Betriber soll opbruecht ginn an zwee Drëttel iwwert de Wee vun de Steiere solle goen, an dat an dräi Etappen also insgesamt. Déi éischt Etapp si mer haut amgaangen ze maache mat enger Opwäertung vum Mindestloun vun 1,1 %. Eng zweet Etapp wäert kuerzfristeg nokomme vun 0,9 %. An de Rescht wäert dann iwwert de sougenannte Steierwee geschéien, wahrscheinlech schonn am Budgetsgesetz.

An eng vun de Pisten, wéi mer dat wäerte maachen, och dat ass elo virdru schonn hei ugeschwat ginn, ass natierlech de Crédit d'impôt. Dat huet dann dee grouss Virdeel, duerch Lissage an esou weider, dee mer zéie musse bis mindestens bei de qualifizéierte Mindestloun, dass also nach eng ganz Rei vun anere Leit, déi net onbedéngt just um Mindestloun sinn, och nach vun dëser Measure wäerte profitéieren, an dat ass och gutt esou.

D'Detailer, wéi gesot, an enger zweeter Etapp, wat déi 0,9 %-Erhéijung vum Mindestloun ugeet, an dann an enger drëtter Etapp, wéi ech et virdru gesot hunn, wahrscheinlech am Budgetsgesetz.

Ech wollt vläicht nach ee Wuert soen zu der Iddi, fir just eng reng Steierbefreiung ze maachen. Ech mengen, dass dat net géif duergoen, well d'Steierbefreiung effektiv fir déi Leit an der Klass 1 eppes géif bréngen, mä fir déi Leit an der Klass 1A oder an der Klass 2 natierlech näischt géif bréngen, well déi haut scho steierfräi sinn. Déi géife bei enger renger Steierbefreiung null Euro Gain kréien. Dat ass net dee Wee, deen d'Regierung wäert aschloen. Eis Iddi ass, wéi gesot, éischter déi vun de Crédit-d'impôts, déi dann e ganz positive Mitnahmeeffekt fir eng ganz Rei vu Leit nach wäerten hunn, déi haut kuerz iwwert dem Mindestloun leien.

Ech hunn dann zwou konkret Froe gestallt kritt. Dat eent war déi vun der Léierlingsentschiede-

gung. Ech mengen, do ass et esou, dass déi festgehal e gëtt iwwer e Règlement grand-ducal, deen an der Éducation nationale gemaach gëtt. Selbstverständlech profitéieren awer déi Leit, déi an dem Apprentissage d'adulte sinn, vun dëser Measure, well déi un de Mindestloun gebonne sinn.

An déi aner Fro war déi ganz konkret iwwert den Artikel 222-6 vum Code du travail, iwwert d'Demande vun de Betriber. Ech kann lech soen, dass mer zu dësem Moment nach keng esou eng Demande virleien hunn.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Aarbechtsminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7381 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7381. Den Text steet am Document parlementaire 7381<sup>3</sup>.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass dat folgend: 60 Jo-Stëmmen. De Projet de loi 7381 ass also domadder eestëmmeg ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Roberto Traversini), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass dann esou decidéiert.

**9. 7391 - Projet de loi portant modification de :**

**1° la loi du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale ;**

**2° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ; et**

**3° la loi modifiée du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale**

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 7391, der Upassung vum REVIS op den 1. Januar 2019. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Galles, den Här Di Bartolomeo, d'Madamm Bernard, den Här Marc Baum. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration**

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.**- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 7391 ass souzeseen d'Ergänzung vum Projet de loi 7381, dee mir elo grad vum Kolleg Georges Engel virgestallt kritt hunn an dee mer och elo grad gestëmmt hunn, wou et ëm d'Erhéijung vum Mindestloun ëm 1,1 % goug.

Mam Projet de loi 7391 ginn de REVIS, de Revenu d'inclusion sociale, an och den RPGH, de Revenu pour personnes gravement handicapées, och ëm 1,1 % gehuewen, éischters emol fir der Evoluitioun vum Salaire moyen vun